



Do war eng kleng Geschicht, déi d’Kanner hu misse verstoen, do war d’Haaptfigur en Annette, an d’Annette huet sech an der Geschicht niddergeknéit. Et ass eng sympathesch Geschicht. Et huet sech iergendwéi niddergeknéit, an dat heescht am Franséische vun der Madame Delvaux hirem Ministère: „Annette s’est mise à genouilles.“

► **Une voix.**- Oh!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An dat ass awer kee Franséisch!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kartheiser Merci. Elo huet d’Regierung d’Wuert: d’Erzéiungsministesch Madame Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi Rapport och zum Bac international, deen hie bruecht huet. Ech denken, dass mer, och wa liicht Divergenze bestinn, e Konsens hunn, dass et gutt ass, dass mer de Bac international zu Lëtzebuerg - an ech insistéieren - an der öffentlecher Schoul hunn.

Dat ass e Gesetz vun 2006, wat ech hei presentéiert hunn, an dat huet och deemools breet Zoustëmmung fonnt an der Chamber, well mer alleguerten agesinn hunn, dass Lëtzebuerg e Land ass, wou vill Leit hikommen, och vill jonk Leit, an dass eiser aller Intérêt doranner besteet, de Kanner, deene Jonken, déi op Lëtzebuerg kommen, och wa se méi spéit an d’Land kommen, eng Méiglechkeet ze ginn, fir sech esou héich wéi méiglech ze qualifizéieren. An de Bac international an der öffentlecher Schoul ass eng Méiglechkeet dovunner. Dat ass net déi eenzeg, mä dat ass eng Méiglechkeet.

Well mer awer zu Lëtzebuerg och déi Suerg hu vun der Villsproochegkeet, vun der Mehrsproochegkeet, an dass mer eis kënnen op Däitsch, Franséisch, wat eis administrativ Sprooch sinn niewent dem Lëtzebuergesch, dass déi Leit, déi laang zu Lëtzebuerg liewen, sech an deene Sprooch kënnen erëmfannen an ënnereene kommunizéieren, hat Lëtzebuerg schonn 2002 festgehalten, wéi dann iwwerhaupt d’Unerkennung vum Bac international oder d’Gläichstellung vum Bac international mam Lëtzeburger Premiësexamen deemools schonn am Gesetz festgehale gi war, dass zu Lëtzebuerg Däitsch e wichtegt Element wär, well mer déi Suerg hu vum Zesummeliewen hei, an dass een also misst Däitsch als supplementar Konditioun froen niewent deenen zwou Haapt-sprooch vum Bac international, déi da Franséisch an Englesch sinn.

Ech wollt och iwwert dës Ännerung, déi hei proposéiert ginn ass, fir eigentlech eng Konditioun vu véier Joer Däitsch léieren ze ersetzen duerch d’Erreeche vum Niveau A2 am Däitschen, eigentlech net un déi fundamental Diskussioun erugeen, ob mer kënnen zu Lëtzebuerg soen, dass een duerch d’Lëtzeburger Schoul ka goen, ouni iwwerhaupt Däitsch geléiert ze hunn, well Däitsch jo e wichtegt Element ass fir d’Zesummeliewen hei, an duerfir hunn ech déi Diskussioun net opgemaach. Ech wär och der Meinung, besonnesch wann ech hei d’Riedner héieren, dass mer awer nach ëmmer e Konsens hunn, dass déi dräi Sprooch fir Lëtzebuerg wichteg sinn, dass een allerdéngs net vu jiddwerengem an deenen dräi Sproochen déiselwecht Konditioun soll verlaangen. Dat ass eng Illusioun.

Ech kenne ganz wéineg Leit, déi am Lëtzebuergesch, Däitschen a Franséischen an och nach am Engleschen deeselwechten Niveau an deene véier Sproochen hunn. Duerfir denken ech, dass et illusoresch ass vun de Leit, ze behaupten, dass dat muss d’Regel si fir alleguerten d’Kanner, déi an d’Lëtzeburger Schoul ginn.

Ech gesinn hei entrüστε Gesichter. Wahrscheinlech sëtzen heibanne ganz illuster Ausnahmen a lauter Leit, déi déi véier

Sproochen op deemselwechten Niveau beherrschen!

(**Brouhaha général**)

Duerfir wëll ech alleguer, déi heibanne sinn, aushuelen aus där doter Regel.

(**Interruption**)

An duerfir freeën ech mech iwwert de Konsens zu dëser klenger Ännerung un deem Projet.

Ech wollt eigentlech net äntwerten, net agoen, well et eigentlech net zum Débat gehéiert, op international oder national Etüden. Ech wollt zwou Saache just richtigstellen. Et ass richtig, dass de Ministère vun der Éducation nationale décidéiert huet, zesumme mat Ofsprooch an der Regierung, dass mer géifen un enger internationaler Etüd deel huelen iwwert d’Citoyenneté, well dat jo e wichtege Begrëff ass, a well mer eigentlech praktesch keng Informatioun hunn iwwert d’Wëssen an awer och d’Astellung vun de Lëtzeburger Jugendlechen zu deem wichtige Thema awer: Wat ass e Bierger? Wat denke mer? Wéi behuele mer eis? A wat ass wichteg zum Beispill iwwert déi transversal Kompetenzen, well mer jo ëmmer soen, d’Schoul soll net nëmme Wësse vermëttelen, mä soll och Bierger erubilden, dass mer eng Iddi hätten, wou mer géifen dostoen.

Et ass eng international Etüd, ICCS genannt, a mir hunn d’Uni Lëtzebuerg domat chargéiert, fir déi Etüd fir de Lëtzeburger Ministère ze maachen. D’Uni huet dorunner en nationale Questionnaire gehaangen, deen ënnert der Verantwortung vun der Universitéit Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Ech iwwerhuele gären all Verantwortung, fir déi ech zoustänneg sinn, awer ech géif mengen, déi Plaz, wou een déi Froen, déi den Här Kartheiser hei opgeworf huet, misst diskutéieren, dat wär mat der Uni Lëtzebuerg.

Ech wëllt Iech och soen, dass mer de Moment nach kee Feedback hunn iwwert déi Informatiounen, iwwert déi Froen, déi do gesammelt gi sinn, an dass mer ganz bestëmmt, an ech wollt domadder fir d’éischt an d’Chamberskommissioun kommen, d’Geleeënheet hunn, doriwwer ze diskutéieren, wou ech dann eise Partner, d’Universitéit Lëtzebuerg, selbstverständlech gär derbäi hätt, fir en toute objectivité an ouni Polemik iwwert déi Froen hei ze schwätzen.

Dann ee Wuert: Et ass falsch, dass de Moien d’PIRLS-Etüd virgestallt ginn ass. PIRLS war 2006, an déi Etüd ass scho virun zwéi Joer virgestallt ginn. Mir hunn als Lëtzeburger eng Zousatzstudie gemaach, fir ze kucken, wéi eng Liesekompetenz d’Kanner, eis Schüler am sechste Schouljoer am Däitschen an am Franséischen hunn.

Mir hunn, fir déi national Etüd ze maachen - déi ass nëmmen national - Texter vu PIRLS benotzt, also déi Texter, déi international ausgeschafft gi ware fir d’PIRLS-Etüd. Do si véier Texter fräi, déi d’Länner kënnen fräi benotzen, an déi hu mir benotzt, fir zu Lëtzebuerg déi Etüd ze maachen. Déi ass vun engem Konsortium gemaach ginn: Universitéit Tréier, Dortmund, Bamberg, Berlin a Lëtzebuerg. Et ass also net nëmmen d’Universitéit Lëtzebuerg. Do sinn déi Texter benotzt ginn, op déi den Här Kartheiser elo Referenz gemaach huet, an déi Texter sinn esou iwwerholl ginn, wéi se an der internationaler Etüd erausgaange sinn.

Déi franséisch Texter si vu Frankräich, der Belsch a Kanada, zesummen hu se den - wéi soll ech dat nennen? - den „go“ kritt, fir därerfe publizéiert ze ginn. An deem Text ass effektiv e franséische Feeler dran. Dat ass net e Lëtzeburger Text, dat ass en Text, wéi gesot, dee vun engem internationale Gremium erausgestallt ginn ass, an do steet amplaz „Genou“ „Genouille“.

Do hu mer dann eng Diskussioun gefouert, ob mer dee Feeler sollte redresséieren, wa mir déi Texter vun der PIRLS iwwerhuelen, an ob mer se solle verbessern, an do hunn d’Experten décidéiert, fir dass mer de Verglach kéinte maachen, vu dass déiselwecht Texter schonn 2006 bei PIRLS gebraucht gi sinn - also, ech war un der Diskussioun net bedeelegt -, déiselwecht Texter dës Kéier nach eng Kéier ze gebrauchen. Dat erkläert, firwat elo do e Feeler ass.

Ech wollt dem Här Kartheiser awer félicitéiere fir seng Perspicacitéit, well hie war deen Éischten, deen de Moien dee Feeler direkt gesinn huet während der Virstellung. Wéi d’Experte geschwat hunn, hat hien zilbewusst direkt de Feeler entdeckt.

Also, Félicitatiounen, ech denken, dass den Här Kartheiser eng Vocation verpasst huet.

(**Brouhaha et hilarité**)

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech Iech Merci soe fir de Support, also fir d’Zoustëmmung zu dësem Gesetz, an ech froen, dat dann och esou ze stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Erzéiungsministesch Merci. Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d’Wuert. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, villmools Merci. Ech soen der Madame Minister selbstverständlech Merci fir déi Komplimenter, déi ech krut, awer duerfir huelen ech d’Wuert net.

Ech wollt elo just nach eng Kéier soen, dass ech awer mat deem Prinzip net d’accord sinn, dass en Unterrechtsminister hei steet an d’Verantwortung fir eng Etüd, déi an eise Schoule gemaach gëtt, op d’Universitéit ofwält.

Ech mengen, mir hunn e Minister, dee kompetent ass fir dat, wat an eise Schoule geschitt, an dozou gehéiere selbstverständlech och Etüden, déi an deene Schoule gemaach ginn. Et ass net politesch oninteressant, fir ze wëssen, wéi e Genre vu Froen eise Schüler do gestallt gëtt, an ech fannen et politesch net korrekt, fir sech dann aus där Verantwortung wëllen erauszestelen.

Entweder et ass een Unterrechtsminister an et huet een d’Verantwortung fir dat, wat an de Schoule geschitt, oder et kann een déi Verantwortung net droen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Au vote!

► **M. le Président.**- Sou, mir kommen... Jo, d’Madame Erzéiungsministesch wollt nach reagéieren.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech wollt ganz kuerz nach eng Kéier soen, dass ech selbstverständlech all d’Verantwortung iwwerhuelen, dass ech awer gär hätt, dass mer sollen a Rou eng Kéier iwwert dee Questionnaire diskutéieren an eis net op satiresch Zeitungen an iergendwelche Communiquéë beruffen, fir doriwwer ze diskutéieren. Mä ech hale vill vun objektiven Débaten, an duerfir hunn ech gesot, ech géif gär fir d’éischt an der Chamberskommissioun doriwwer diskutéieren, an dann dorausser Konklusiounen zéien, an ech wär dankbar fir d’Objektivitéit vum Débat, wa mer dat kéinte roueg maachen.

Merci.

(**Brouhaha général**)

► **M. le Président.**- Sou, mir kommen awer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6064.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6064 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen a 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(**Négation**)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo zum leschte Projet de loi vun haut, dem Projet de loi 6031, enger Ofännerung vum Statsbeamtestatut. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo si schonn ageschriwwen: déi Hären Etgen, Klein, Gibéryen an Hoffmann.

D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d’Wuert.

5. 6031 - Projet de loi modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l’État;

b) la loi modifiée du 27 janvier 1972 fixant le régime des employés de l’État;

c) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

d) la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l’Institut national d’administration publique

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Simplification administrative

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6031, dee véier verschidde Gesetzter ofännert, léisst a sengem Intitulé net erkennen, wat dann de wierkelechen Objet vun deem Gesetz ass. Duerfir wëll ech och an der Aféierung vu mengem Rapport kuerz drop hiweisen, wat dann d’Zilsetzung ass. Déi kann een nämlech a véier oder fënnf Punkten zesummefaassen.

Den Text soll:

éischtens, den Zougang vun de Bierger aus der Europäescher Unioun zu der Lëtzeburger Fonction publique regelen;

zweetens, nei Bestëmmungen aféieren iwwert d’Sproochkenntnisser vun de Kandidaten, déi bei der Fonction publique agestellt wëlle ginn, an den INAP, den Institut national d’administration publique, mat der Kontroll vun deene Sproochkenntnisser chargéieren;

drëttens, den INAP nei strukturéieren an em d’Méiglechkeet ginn, nei Formationscoursen unzëbidden;

véiertens, d’Employéen, déi duerch dat neit Schoulgesetz vum Stat iwwerholl goufen, mat den Employéë vum Stat gläichstellen, wat hir Pensiounsrechter ugeet;

fënneftens, déi rechtlech Situatioun vun deenen Employéë sécherstellen, déi am Laf vun deene leschte Joren duerch d’Bestëmmunge vun de Budgetgesetzter agestellt goufen.

U sech géif dat jo schonn duergoen. Ech erlabe mer awer, an den Detail vun deene fënnf Punkten anzegoen fir déi Kolleegen, déi dat och interesséiert.

Éischtens, zum Zougang zu der öffentlecher Funktioun fir EU-Bierger. An deenen dräi Gesetzter iwwert de Statut vun de



Statsbeamten, de Statsemployéen an de Gemengebeamte gëtt d'Bedéngung, dass ee Lëtzebuerger muss sinn, fir beim Stat oder bei der Gemeng agestellt ze ginn, duerch d'Bedéngung ersat, dass ee Bierger vun engem vun de Länner aus der Europäescher Unioun si muss.

Allerdéngs bleift d'Bedéngung vun der Lëtzebuerger Nationalitéit bestoe fir déi Persounen, déi an hirem öffentlechen Aufgabeberäich, op deem Posten, wou se sinn, un der direkter oder indirekter Ausübung vun hoheitsrechtlechen Aufgabe bedeelegt sinn oder déi responsabel si fir d'Erhalen oder d'Verteidege vun Interesse vun der Stat a vun de Gemengen.

D'Gesetz beschränkt sech op allgemeng Kritären, déi och baséieren op der Jurisprudenz vun dem Europäesche Gerichtshaff. D'Detailer an d'Posten, wou d'Lëtzebuerger Nationalitéit weider gefrot ass, ginn duerch Règlements grand-ducaux festgeloet.

Nodeems schonn duerch d'Gesetz vum 17. Mee 1999 den Zougang an der Fonction publique fir EU-Bierger a sechs Secteuren - d'Recherche, den Enseignement, de Gesondheitsberäich, d'Transports terrestres, d'Post an Telekommunikatioun, d'Verdeele vu Waasser, Gas an Elektresch - virgesi war, gëtt elo den Zougang vun den EU-Bierger zu der Fonction publique op déi ganz Fonction publique ausgedehnt.

Domat erfüllt Lëtzebuerg eng Opfuerderung vun der Europäescher Kommissioun vum 27. Juni 2007, an där festgehalten ass, dass déi Lëtzebuerger Gesetzgeber iwwert d'Fonction publique net konform sinn zu dem Recht an der Rechtsprechung vun der Europäescher Unioun. Duerch deem heiten Text gëtt elo déi Konformitéit hiergestallt.

Déi rechtlech Développementer, déi à la base si vun deem Gesetz, sinn ausféierlech an den Dokumenter vun der Regierung an och an dem schrëftleche Rapport vum Rapporteur festgehalten.

Ech mengen, Här President, dass et net néideg wär, fir déi Développementer hei nach eng Kéier virzedroe mat allen Detailer.

Éischtens ass et eng schwierig Aufgab, fir all déi Nuancé vun der Rechtsprechung hei erëmzeginn. An ech géif Gefor lafen, fir dat net mat där Nuance a mat deenen Detailer kënne virzedroen. Dofir roden ech och all deenen, déi sech méi genee mat der Matière wëllen ofginn, fir dat dann an de Rapporten nozeliesen. Dat ass eng interessant Lecture fir iwwer Chrëschttag.

(Hilarité)

Zweetens, bei de Kandidat fir d'Fonction publique sollen an Zukunft déi lëtzeburgeresch, déi franséisch an déi däitsch Sproochkenntnisser opgrond vu kloren, transparenten an eenheetleche Kritäre gepréift ginn. D'Referenzinstrument ass d'Regelung an d'Methoden, déi vum Conseil de l'Europe festgeluecht si ginn an déi mer bei aneren Texter, notament bei der duebeler Nationalitéit, kenne geléiert hunn. Déi brauch ech also och net am Detail nach eng Kéier virzedroen. D'Kontroll vun de Sproochkenntnisser gëtt dem INAP uvertraut.

Drëtens, fir déi Kontrollen dann och wirklech kënne duerchgeföhrt, muss natierlech den INAP d'Méiglechkeet kréien, fir seng nei Aufgabe kënne ze erfëllen. Duerfir gëtt och am INAP en neit Departement geschafen, dat déi Aufgaben iwwerhuele soll.

Ech wëll awer hei bäifügen an drop hiweisen, dass d'Regierung no dem Avis vum Statsrot drop verzicht huet, fir zousätzlech am INAP sechs nei Posten ze schafen. Dat ass och vun der Kommissioun begréisst ginn.

Den INAP kritt dann awer zousätzlech d'Méiglechkeet, fir och aner Formatiounscoursen unzibidden fir öffentlech Institutiounen. Am Exposé des motifs vun der Regierung ginn zwou esou Initiativen als Beispill genannt, déi a Fro kommen. Dat sinn d'Préparatiounscours fir Lëtzebuerger Beamten, déi sech interesséieren fir Poste bei den europäeschen Institutiounen, fir also virbereet ze ginn, fir um Concours fir esou Poste wëllen deelzehuelen, an d'Formatiounscours fir nei gewielte Gemengeréit.

Da wëll ech och drop hiweisen, dass am Kader vum INAP en neie Cycle de formation ageféiert gëtt fir verschidde Carrière bei de Statsemployéen, déi bis elo keng esou eng Formatioun haten. Déi Formatioun soll am Ufank vun der Carrière organiséiert ginn.

Véiertens, d'Gesetz vum 27. Januar 1972 iwwert d'Statsemployé gëtt ofgeännert, fir et ze erlaben, dass d'Employé vum de Gemengen, déi am neie Schoulgesetz vum Stat iwwerholl si ginn, mat de Statsemployé gläichgestallt ginn an hire Pensionsrechter. Ech maachen hei drop opmierksam, dass d'Gesetz, d'Schoulgesetz, de 15. September 2009 a Kraaft getrueden ass. Duerfir mussen och déi hei Bestëmmunge réckwierkend a Kraaft gesat ginn - dat fannt Der am Artikel 6 vum Gesetz - op de 15. September 2009.

Fënneftens, an enger Iwwergangsbestëmmung gëtt am Artikel 5 déi rechtlech Situatioun vun deenen Employéé séchergestallt, déi zënter Joren duerch déi jeeeweileg Budgetgesetzter beim Stat agestellt goufen. De Stat war duerch d'Budgetgesetzter autoriséiert, d'Persounen aus Länner vun der Europäescher Unioun anzustellen als Statsemployé op Posten, fir déi keng Lëtzebuerger kandidéiert hunn.

Dat sinn no dem Artikel 25 vun dem Budgetsprojett vun 2010 - deen Der awer net méi am Budgetgesetz erëmfant, well en duerch eng Opposition formelle vum Statsrot gestrach ginn ass - ronn 376 Posten. De Statsrot huet a sengem Avis zum Budgetgesetz fir 2010 sech deene Bestëmmung vum Artikel 25 - wéi ech elo grad gesot hunn - formell opposéiert mat dem Motiv, dass deen Artikel net konform wär zu der europäescher Rechtsprechung, an dass d'Situatioun vun deenen Employéen duerch dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren an haut sollen ofstëmmen, geregelt géif ginn. Dofir sollt een deen Artikel 25 am Budgetgesetz suppriméieren.

Dat ass och geschitt, mä domat war eng Rechtsunsécherheet entstan fir déi an déi 370 Employéen, déi an deene leschte Joren agestellt si ginn. Duerch en Amendement vun der Chamber vum 19. November 2009, deen iwwregens och d'Zoustëmmung vum Statsrot fonnt huet, gëtt déi rechtlech Situatioun vun deenen Employéen, déi am Artikel 25 also vum Budgetgesetz opgezielt waren, definitiv geregelt. Dat ass de Paragraph 1 vum Artikel 5.

Well d'Regierung der Meenung war, si misst och fir déi nächst Joren als Iwwergangsbestëmmung d'Méiglechkeet kréien, fir nach Employéen am Rahme vun där selwechter Bestëmmung kënne anzustellen, war och d'Kommissioun d'accord, fir an där Iwwergangsbestëmmung beim Paragraph 2 d'Regierung ze autoriséieren, fir an de Joren 2010 bis 2014 inklusiv nach esou Astellunge virzehuelen, awer nëmmen, wann et noutwendeg ass an ënnert deene Bedéngungen, déi och virdru gegollt hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text vum Projet, esou wéi en haut virläit, huet den Accord fonnt, ouni Géigestëmm, mat enger Enthaltung, vun der zoustänneger Chamberskommissioun. Ech bieden duerfir och d'Chamber, fir dem Text an där selwechter Form hir Zoustëmmung ze ginn. An ech entschëllege mech fir déi eng Minutt a 46 Sekonnen, wou ech iwwerschratt hunn, mä ech versprechen net, dat net méi ze maachen.

(Hilarité)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Villmools Merci dem Rapporteur. A wéi mer den Här Meyers kennen, wësse mer, datt hien dat och mécht.

(Hilarité)

Als éischte Riedner ass elo den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dem Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, ze félicitéieren fir säi prezisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mündleche Rapport an him ausdrécklech Merci ze soen. Et ass dem Rapporteur säi Mérite, datt mer hei soe kënne, datt déi

parlamentaresch Kommissioun exzellent legislativ Aarbecht geleescht huet. Mir stëmmen haut nämlech en Text, dee komplett iwwerschafft gouf am Verglach zum Text, dee vun der Regierung déposéiert gouf.

Wat elo d'Objektiver vum Gesetz ubelaangt, gëtt elo d'Fonction publique fir d'EU-Bierger opgemaach. Bis elo war dat d'Ausnahm, elo gëtt et d'Regel. Ausgeschloss ware just déi Posten am Kader vum Exercice vun der nationaler Souveränitéit. Hei zu Lëtzebuerg di mir eis schwéier mat esou Ännerungen, och wann déi europäesch Jurisprudenz dat ausdrécklech verlaangt.

D'DP huet duerfir och an hirem Wahlprogramm fir déi lescht Parlamentswale festgehalten: „Der öffentliche Dienst muss sich öffnen. Die Europäische Kommission hat die EU-Mitgliedsstaaten dazu aufgefordert, den Zugang von EU-Bürgern zu allen Bereichen des öffentlichen Dienstes zu ermöglichen mit Ausnahme derjenigen, die direkt oder indirekt an der Ausübung der Staatsgewalt beteiligt sind. Die DP wird dies mittels einer den Interessen unseres Landes entsprechenden Interpretation tun.“

Duerfir félicitéiert d'DP och der CGFP, datt si mat der Regierung et fäerdeg bruecht hunn, e Wee ze fannen, fir souwuel den Intérêt vun eisem Land, mä awer och eisem kloren europäeschen Engagement Rechnung ze droen.

Et ass och ee Projet de règlement grand-ducal um Instanzewee. Ech hunn héieren, datt do awer nach kéinten e puer Ongeheimtheete bestoen. Et sollt een duerfir Wäert drop leeën, datt een ee kohärenten Text huet, deen elo net am Hauruckverfahren geholl gëtt. Et wär a kengem sengem Intérêt, elo en Text ëmzesetzen, deen net vu vir bis hinnen duerchduecht wär. Et wär par ailleurs besser gewiescht, mir hätten och de Projet de règlement grand-ducal mat den entsprechenden Avisen an der Kommissioun kënne ënnert d'Lupp huelen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Als DP wëlle mir awer och eng Fonction publique, déi der Realitéit entsprécht. Eng vun dese Realitéiten ass, datt eis Populatioun aus 32% vun EU-Bierger besteet. Realitéit ass och, datt manner wéi 50% vun der aktiver Bevölkerung Lëtzebuerger sinn. Realitéit ass och, datt ee grouse Prozentsatz vu Résidenten net ka mat viele goen. Alles Beweggrënn, fir mat op dee proposéierte Wee ze goen.

Derbäi kënnt, datt den öffentlechen Déngscht dee gréisste Patron hei am Land ass. An onsécheren Zäite si sécher Plaze besonnesch gefrot. Méi eng grouss Auswiel kann dem öffentlechen Déngscht nëmme guttdinn.

Bei eisen Nopeschlänner sinn nëmme positiv Experienze gemaach ginn. De Kontakt vum auslännesche Matbierger mat Beamten, déi hir Sprooch, hir Kultur an hir Mentalitéit kennen, mécht viles méi einfach. Et entsteet ee positiiv Vertrauensverhältnis, Barrière ginn iwwerbréckt an eng besser Integratioun gëtt gefördert. Wichtig bleift awer dat lückenlost Definéieren vun deene Posten, déi exklusiv vu Lëtzebuerger besat solle ginn.

Zweete wichtige Punkt an deem Gesetz ass méi eng grouss Professionalisatioun vun de Sproochentester. Ech denken, déi gefrote Kenntnisser solle virun allem dem intellektuellen a professionellen Profil vum Posten, deen ze besetzen ass, Rechnung droen.

Drëtte wichtige Punkt ass, fir dem INAP déi gesetzlech Basis ze ginn, fir Coursen a Seminare fir déi Gemengegewielten unzibidden. Wéinst där ëmmer méi grousser Professionalisatioun vun de Mengenaufgaben, verbonne mat ëmmer méi grouse Responsabilitéiten, ass dëst ee wichtige Punkt aus dem Pabeier vun der Territorialreform.

Den INAP ass absolut déi gëeegent Struktur, fir zesumme mam Gemengesektor e Formatiounskonzept auszeschaffen, an dat ëmsou méi, well den INAP elo schonn e grouse Fächer vu Formatiounen fir d'Gemengebeamten ubitt. De Bewäis hu se

schon erbruecht mam Formatiounszyklus, dee se vu Januar un an enger Kollaboratioun mam Syvicol ubidden. Fir där systematescher Ënnergruewung vun der Mengengautonomie an dem schlächenden Demokratiedefizit entgéintzewierken, brauche mer legislativ sattelfest Gemegepolitiker.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, den öffentlechen Déngscht muss virun allen aneren Ufuerderungen ee Partner vun alle Bierger an alle Betriber sinn. Mir brauchen e Service public, deen op hir Wënsch a Besoinen ageet, een öffentlechen Déngscht, deem seng Aarbechtsorganisatioun op den Administré ausgerichtet ass. Dëst Gesetz soll derzou bäidroen, dës Ziler besser ze erreechen. An duerfir wëll ech och den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Gesetz ginn a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Etgen Merci. An dann ass als nächste Riedner den Här Jean-Pierre Klein drun. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean-Pierre Klein (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir déi vun him gewinnene Prezisioun bei der Presentatioun vun deem Projet de loi.

De Projet de loi mécht den Zougang zur Fonction publique fir EU-Ausländer prinzipiell op. Domadder fënnt am Fong e richtige Paradigmewissel an eiser Fonction publique statt. Bis elo war nämlech den Accès zur Fonction publique mat Ausnahm vu sechs Beräicher de Lëtzebuerger reservéiert.

D'EU-Rechtslag an d'EU-Jurisprudenz schwätzen eng kloer Sprooch a ginn a Richtung fir méi ee groussen Zougang zur Fonction publique fir EU-Ausländer. Den Europäesche Gerichtshaff an d'Europäesch Kommissioun weisen schonn zënter enger gudder Zäit onmëssverständlech drop hin, dass d'Lëtzebuerger Rechtslag net EU-konform ass. Dat gëtt elo mat deem Projet de loi an d'Rei bruecht.

Restriktioun: Poste beim Stat oder bei der Gemeng - d'Gemenge gi mat abezunn -, déi eng Participation à l'exercice de la puissance publique begräifen, oder wann Intérêts généraux vum Stat oder aneren öffentleche Kollektivitéiten am Spill sinn, da gëllt nach ëmmer d'Nationalitéitsklausel. Well dës Notioune komplex a schwéier ze definéieren sinn, ginn d'Funktione, déi dora spillen, duerch Règlement grand-ducal festgeluecht.

Ofgesi vun normative Beweggrënn ass et awer och am Sënn vun engem qualitativ héichwäertegen öffentlechen Déngscht, wann d'Fonction publique op ee weidere Reservoir vu qualifiziertem Personal, egal vu wéi enger Nationalitéit, kann zrëckgräifen. An eiser héich entwéckelter Leeschtungs-gesellschaft, wou berufflech Qualifikatioun an Know-how eis quasi eenzeg Ressourcë sinn, muss sech de Stat och ëmmer méi komplexe Gegebenheiten an Ufuerderungen upassen.

An engem klengen Land, wéi mir et nun emol sinn, ass et oft net einfach, déi néideg Experte fir ëmmer méi technesch Posten ze fannen. Eise Reservoir u lëtzeburgergeschen Aarbechtskräften ass nun eemol och begrenzt. Wann den Zougang zur Fonction publique fir Ausländer méi grouss gëtt, geet d'Probabilitéit, déi gëeegent Leit ze fannen, och an d'Luucht.

D'Beherrsche vun eisen dräi Amtssproochen Franséisch, Däitsch a Lëtzeburgergesch ass a bleift och weiderhin eng wichteg Voraussetzung, fir kënne an den öffentlechen Déngscht anzetrieden. D'Teste vun de Sproochkompetenzen, wat dese Projet de loi moderniséiert, de Cadre européen commun de référence pour les langues erlaabt et, kloer, transparent, objektiv an uniform Kritären ze fixéieren.

D'Sproochenufuerderungen müssen awer un déi jeeeweileg Posten ugepasst sinn an net zu enger oniwierwindbarer Hürd fir



d'Ausländer ginn, esou wéi et och déi verschidden Associatiounen a Gewerkschaften an hirem gemeinsamen Avis formuléiert hunn. Dat ass en Avis vun OGB-L, ASTI an nach aneren Organisatiounen.

De Prinzip vun der Proportionalitéit muss Uwendung fannen. D'Natur vum Poste souwuel wéi den Niveau de responsabilité si wichteg Parametere, fir d'Sproochenexigenzen zréckzebehalen. Den INAP kritt am Beräich vun dese Sproocheklauselen, Konditioun, eng zousätzlech maassgeblech Roll ze spillen.

An deem Projet de loi gëtt d'Geleeënheet genotzt, fir d'Missioun vum INAP iwwert de Wee vu Konventiounen op aner öffentlech Institutiounen ze erweideren. Bis elo waren d'Aktivitéite vum INAP op Stat a Gemenge beschränkt. Abezu ginn elo direkt engersäits d'Fonction publique vun den europäeschen Institutiounen, Communautéiten, fir den Interesséierten déi vakant Poste méi nozebréngen, Informatiounen doriwwer ze ginn an an deem Sënn d'Konzepter an d'Organisatioun vu Virbereedungscoursen auszeschaffen.

D'legal Basis gëtt och mat deem Projet de loi geschafe fir Aféierungscoursen a Fortbildungscoursen, fir besonnesch nei gewielte Gemeengevertrieeder op hiert Amt virzebereeden. Domat gëtt eng laangjähreg Fuerderung vum Syvicol en accord mam Minister vun der Fonction publique an dem Innenminister duerchgesat, woubäi och bei der Ëmsetzung de Chef vum INAP eng ganz wesentlech Roll gespillt huet an och duerch seng Kooperatioun derzou bäigedroen huet, fir dass dat schnell konnt ëmgesat ginn.

An deem Zesummenhang erënneren ech u meng Proposition de loi vun 2002 fir e Congé de formation fir déi Gemeengegewielten. Domat kënnt den Innenminister dann och deelweis deen Nohuelbedarf vum Congé politiqué ophuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. An ech ginn och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Klein Merci. Als nächste Riedner hu mer den Här Gibéryen agedroen.

(Interruption)

Ech weess net, déi gréng Fraktioun ass iergendwéi haut schlecht organiséiert. Ech hu kee Riedner agedroen. Dat ass awer kee Problem, Här Adam. Da kritt Dir gären d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Mir wäerten eis bei eise Sekretär beschwéieren, Här President.

Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech erstaunlech, dass mer esou een interessante Projet wéi deen hei als allerleschte kuerz virun der Chrëschtvakanz an dann nach am Modèle de base evakuéieren. Et ass natierlech kloer, dass mer eng gewëssen Urgence hunn an dese Projet nach am Joer 2009 mussen stëmmen, fir net zu enger gewësser Rechtsunsicheerheet ze kommen, wourop de Rapporteur schonns agaangen ass.

Dese Zäitdrock ass awer vun der Regierung, an nach méi vun der Regierung virun, selwer organiséiert ginn. Mir fannen et bedauerlech, dass d'Regierung nëmmen op Drock hi bereet ass, am Dossier „Öffnung vun der Fonction publique fir auslännesch Matbierger“ aktiv ze ginn.

Den Androck entsteet, mir géife just op Drock hi vun deene Béise vu Bréissel handelen. De Gedanken, dass et sech hei ëm ee gemeinschaftleche juristesche Kader vun den EU-Memberstaaten handelt, zu deene Lëtzebuerg jo nun eemol gehéiert, a mat deem dem fräie Floss vu Kapital, Wueren a Servicer soll eng fräi Zirkulatioun vu Bierger a schaffende Leit als Contrepartie entgéintgesat ginn, geréit an de Vergeiss.

De Projet de loi 6031 gesäit eng allgemeng Öffnung vun der Lëtzebuurger Fonction publique fir EU-Bierger vir. Dat ass net

déi éischt Öffnung vun der Fonction publique an déi Richtung, mä et ass definitiv eng aner Perspektiv, déi vun elo u gëllt. Wa bis elo d'Fonction publique fir d'Lëtzebuurger reservéiert war an d'Gesetz vum 17. Mee 1999 eng Rei Sparte fir EU-Bierger opgemaach huet, dann ass et elo anescht. D'Lëtzebuurger Fonction publique ass fir all EU-Bierger op, just e puer spezifesch Domänen bleiwe fir Lëtzebuurger Statsbierger reservéiert.

D'Ursach vun deser Ouverture ass am aktuellen Artikel 39, dem fréieren Artikel 48, vum europäeschen Traité ze fannen. Hei gëtt de fräien Zougang vun allen europäesche Bierger zum europäeschen Aarbechtsmarché assuréiert. Een Zougang, dee keng Diskriminatioun duerch Nationalitéit erlaabt.

Et war e laange Wee, bis mir zu Lëtzebuerg des Ouverture zougelooss hunn. Ganz laang ass op dem véierte Punkt vun deem selwechten Artikel argumentéiert ginn. Do steet: „Les dispositions du présent article ne sont pas applicables aux emplois dans l'administration publique.“

Den Europäesche Gerichtshaff war däitlech. Eis Definitioun vu Secteur public konnt sech net duerchsetzen. Mir kruten de 27. Juni 2007 en Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun. Den Historique zu dese Faite steet am Rapport. An ech profitéieren och dervun, dem Rapporteur, dem honorabelen Här Paul-Henri Meyers, Merci ze soe fir säi wéi gewinnt ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Mir hunn zu Lëtzebuerg ëmmer versicht, d'Fonction publique als Chasse gardée vun der Lëtzebuurger ze halen. An dat ass eis jo och net schlecht gelongen. Och haut, zéng Joer no der éischter Öffnung, schaffen nach ëmmer manner wéi 10% Netlëtzebuurger an der Fonction publique. Dobäi ware mer awer net stur. Wann et eis arrangéiert huet, dann hu mer och alt Ausnahmen zougelooss.

An esou wichtige Secteure wéi der Recherche, wou mer definitiv net genuch Lëtzebuurger géife fannen, hu mer och Netlëtzebuurger eragelooss. A wéi den Undrang bei der Arméi net méi grouss genuch war, hu mer d'Arméi och fir Netlëtzebuurger opgemaach, obschonns dat en Domän ass, deen zur Puissance publique gehéiert.

E Règlement grand-ducal soll dann elo schlussendlech déi Aarbechtsplazen an der Fonction publique definéieren, déi fir d'Lëtzebuurger Statsbierger reservéiert bleiwen. Dese Règlement grand-ducal läit eis leider nach net vir, wat déi gréng bedauern, a mat hinnen eng ganz Rei aner Organisatiounen: vun der Amitié Portugal-Luxembourg iwwert d'ASTI bis zu enger Rei Gewerkschaften.

Fir dese Volet ofzeschleissen, wëll ech nach de Saz vum Här Daleiden op der Séance académique vun der Honnertjoerfeier vun der CGFP am Groussen Theater déi lescht Woch, wou der ganz vill vun Iech do waren, an Erënnerung ruffen. Den Här Daleiden sot: Eis Lëtzebuurger Haut ass eis méi no wéi dat europäesch Hiem.

Ech wëll deem allerdéngs bäifügen, dass mir a gudde wéi a schlechten Zäiten op dat europäesch Hiem ugewise sinn. Mir riskéieren nämlech schnell eis Lëtzebuurger Haut am Summer ze verbrennen an am Wanter ze erkalen, wa mir keen europäesch Hiem hunn, dat se schützt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Mir maachen also d'Fonction publique wäitgehend op fir EU-Bierger. Och wann dat am ursprénglechen Text net esou virgesi war, gëllt dat och fir d'Fonctionnaire bei de Gemengen. A vu dass d'Regierung wëllt d'Buergermeeschter- a Schäffeposte fir Ausländer opmaachen, misste logescherweis all Posten an enger Gemengenadministratioun fir Ausländer opgoen. Et bleift dann nach d'Fro, ob mat Ausländer just EU-Bierger gemengt sinn oder all Netlëtzebuurger dorënner falen.

Mat deem Gesetz loosse mir also keng Diskriminatioun vun EU-Bierger weinst hirer Nationalitéit méi zou. Et ass awer logesch a legitim, dass mer als kengt Land mat dräi administrative Sproochen, wou mer am Prinzip an darselwechter adminis-

trativer Sprooch äntwerten, an där d'Fro gestallt ass, relativ héich Sproochkenntnisser verlaangen, fir kënnen Zougang ze kréien an d'Fonction publique.

Mir begrëssen et an deem Sënn och, dass mir eis do un deem gemeinsamen europäesche Referenzkader, wéi e vum Conseil de l'Europe ausgeschafft gouf, wëlle festhalen. Mir wäeren allerdéngs der Meenung, dass mer net missten eng Spezialkommissioun schafe mat Memberen, déi eng universitär Formatioun sollen hunn an extra mussen fir diesen Zweck rekrutéiert ginn.

Mir waren och der Meenung, dass et net den INAP misst sinn, deen des Sproochkenntnisser misst präiwen. Dat hätt eiser Meenung no sollen d'Missioun vum Institut national des Langues sinn. Hei gi schonn Zertifikaten nom europäesche Referenzkader ausgestallt. Hei besteet den noutwendege Know-how, deen am INAP nach muss opgebaut an ausgebaut ginn.

Erstaunlech ass an eisen Aen och de Fait, dass d'Missioun vum INAP ausgebaut ginn - mir kritiséiere jo just de Beräich vum Teste vun de Sproochkenntnisser -, während déi fënnf Attachés de Gouvernement an dee Fonctionnaire, déi virgesi waren, fir de Surplus vun Aarbecht auszuféieren, awer ersatzlos gestrach gi sinn.

De Statsrot hat kritiséiert, dass des sechs Posten ee Gaspillage de deniers publics an dese schwierigen Zäite wieren. An de Statsrot schéngt Recht gehat ze hu mat senger Kritik. Wann déi sechs Poste wierklech gebraucht gi wieren, da wier dat an eisen Aen natierlech kee Gaspillage gewiescht, scho guer net an dese schwierigen Zäiten, mä mir hätten dat als sënnavoll Schafung vun neien Aarbechtsplaze gesinn. D'Majoritéit huet awer dem Statsrot Recht ginn.

Si huet déi sechs Poste gestrach. Déi nei Aufgabe kënnen ouni zousätzlech Posten erleedegt ginn. Esou schnell kann eise Stat Sue spueren. Et schéngt, wéi wann d'Regierung des Posten effektiv liichtfankeg an den urspréngleche Projet ageschriwwen gehat hätt.

Op d'Drénglechkeet vun deem Gesetz, wat dann elo nach als leschte Projet virun der Chrëschtfeierdeeg hei votéiert gëtt, hu meng Virriedner schonn higewisen. Ech bréngen, trotz der Kritik, déi dese Projet verdéngt, den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Adam Merci. Elo kritt nach d'Wuert den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, och vun eiser Säit Merci un de Kolleg Paul-Henri Meyers fir säin exzellente Rapport.

Mir, an ech hunn dat scho gëscht gesot, bedauern, dass mer nëmmen de Modèle de base bei deem Projet, dach awer fir eis wichtige Projet, hunn. An am Contraire zu eise gréngen Kollegen, déi an der Presidentekonferenz d'Méiglechkeet gehat hätten, fir en anere Modell ze kréien, an net dovu profitéiert hunn, konnte mir dat net maachen. Si hätten et awer kënne maachen. Dat hei ass en...

(Interruption)

Jo, well de Modèle de base erauskomm ass. Wa se net...

(Interruption)

Ech weess awer doudsécher, dass Der keen anere Modell verlaangt hutt, well soss hätt Der e laut eise Reglement kritt.

(Interruptions)

Soss hätt Der e laut eise Reglement kritt.

► **Plusieurs voix.** - Et muss Unanimité sinn.

► **Une voix.** - Et wor eng Unanimitéit do!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et muss Unanimitéit sinn, oder Dir kritt en anere Modell. Also war et Unanimitéit.

► **Une voix.** - Voilà!

(Interruptions diverses)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Bon, Här President, et ass e wichtige Projet.

(Interruptions diverses)

Et ass e wichtige Projet, ech mengen, wat den Zougang vun den EU-Bierger an d'Fonction publique ubelaangt, net nëmmen, wat de Stat ubelaangt, mä och d'Gemengen.

An eise Wahlprogramm huet d'ADR ganz kloer geschriwwen, dass mir derfir antrieden, dass d'Fonction publique soll a priori fir Lëtzebuurger Statsbierger reservéiert ginn an dass nëmmen an extreme Fäll se därer opgemaach gi fir Netlëtzebuurger.

Mir hunn also eng ganz kloer Ausso gemaach, un déi mer eis och wëllen halen. Dat ass iwwerengs eng Ausso, déi mer gemaach hunn, déi am Aklang steet mat de Pappen, déi viru 50 Joer Europa gegrennt hunn. Well, wann een an d'Urtexter zréck kucke geet, do stoung nämlech dran, wéi d'Europäesch Unioun gegrennt ginn ass: «...de réserver les fonctions publiques des États membres aux citoyens de ces mêmes États». Dat war also eng ursprénglech Iddi, wéi Europa gegrennt ginn ass, wou mer als ADR haut nach ëmmer der Meenung sinn, dass se richteg ass.

Duerno sinn natierlech opgrond vun der Proposition vun der Europäescher Kommissioun an och vum Europäesche Gerichtshaff Uerteeler komm, déi eis dann hei als Lëtzebuurger forcéieren, eis Gesetzgebung ëmzeänneren. Et muss een awer wëssen, dass, wann d'Europäesch Kommissioun an d'europäesch Gerichter op Texter kënnen Uerteeler huelen, dann op europäeschem Niveau. Fir d'éischt hu missen am Fong déi Rechter op europäeschem Niveau verlagert ginn.

An hei stelle mer fest, dass eis Regierung zu deem Zäitpunkt, wéi déi europäesch Texter négociéiert si ginn, net gutt verhandelt huet, dass se net versicht huet, fir Lëtzebuerg extra Normen ze kréien, Ausnahmeregelungen ze kréien, wéi iwwerengs England an Dänemark an deenen Texter kritt hunn, déi fir sech spezifesch Garde-fousë konnten abauen. Sou ass dat hei zu Lëtzebuerg net geschitt. Mir hu keng Derogatioun kritt. Eis Regierung huet do eiser Hisiicht no schlecht verhandelt.

Eng éischte Kéier hu mer an den 90er Joren opgrond vun engem Gericht eis Texter missen änneren, an et si sechs Domänen, déi opgaange si fir Netlëtzebuurger an der Fonction publique: d'Arméi, d'Police, d'Magistratur, d'Steierverwaltung, d'Diplomatie an d'Administration gouvernementale.

Elo hu mer dese Projet hei virleien, deen am Fong deen aktuelle Prinzip ganz ein-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg



fach ëmdréint. Momentan hate mer am Artikel 1 stoen, datt d'Plazen an der Fonctioun publique reservéiert wiere fir Lëtzebuerger Statsbierger, an hannendru koumen d'Ausnahmen. Elo gëtt et ëmgedréint. Elo steet am Artikel 1, datt d'Fonction publique op wier fir d'Membere vun der Europäescher Unioun vun deene 27 Staten, an iwwer Règlement grand-ducal gëtt da festgeluecht, wat fir eng Fonctioun fir d'Lëtzebuerger reservéiert bleiwen.

Et gëtt e Règlement grand-ducal, dee mer net ze gesi kruten, Här President. Dee Règlement grand-ducal ass awer mat op den Instanzewee gaangen, souwuel an d'Chamber vun de Fonctionnaires an Employés publics, a mir bedauern, datt mer dee Règlement grand-ducal net hei konnte virgeluecht kréien.

Här President, d'Lëtzebuerger Fonction publique huet haut schonn zéng bis 15% Bierger, déi net aus der Europäescher Unioun kommen. Et ass also net, wéi wann d'Lëtzebuerger Land nach näischt gemaach hätt. Ouni datt mer dat heite Gesetz hunn, hu mer domadder hei zu Lëtzebuerg méi Netlëtzebuerger an eiser Fonction publique schaffen, wéi iergendwéi aner europäesch Staten. Virun allem och eis Nopeschlänner, déi un eis ugrenzen, hunn net esou en héije Prozentsaz vun Netbierger vun hirer Nationalitéit an der Fonction publique schaffen, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass.

Interessant ass och ze wëssen, datt am Fong vun der aktiver Populatioun hei zu Lëtzebuerg, wat d'Lëtzebuerger ubelaangt, 21% an der Fonction publique schaffen an 79% am Privatsecteur. Et ass also och nach net esou, wéi allgemeng gesot gëtt, datt d'Lëtzebuerger alleguer géife bei de Stat goen. Et ass am Fong all Fënneften, deen am Secteur public schafft.

Här President, d'Sprooch ass fir eis als ADR e ganz wichtege Punkt an deem Gesetz. Déi Sproochen, déi dräi administrativ Sproochen, Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch, déi gi vum INAP kontrolléiert. Mir soe ganz kloer, esou wéi mer dat och bei der duebeler Nationalitéit gesot hunn, wou mer do och schonn op där Säit ware vun deenen, déi relativ héich Kenntnissier verlaangt hunn, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, datt mer soen: Hei verlaange mir nach méi héich Kenntnissier vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Et muss esou sinn, datt een, deen an de Secteur public schaffe geet op staatlech, op kommunalem Plang, eiser Meinung no muss perfekt Lëtzebuergesch kënne schwätzen. An hei hu mir och eist Mësstrauen, datt mer fäerten, datt, wéi mer dat och schonn aus der Vergaangeneheet kennen, d'Regierung hei net mat der néideger Rigueur wäert versichen, fir déi Kenntnissier esou ze verlaangen, wéi mir eis dat virstellen.

Duerfir wäerte mir och dat heite Gesetz net stëmmen. Well mer éischters soen, d'Regierung huet schlecht op europäeschem Niveau verhandelt. Si huet keng Derogatiounen, wéi aner Länner dat fir sech fäerdeg bruecht hunn, fir Lëtzebuerg ausgehandelt. Well mer d'Reglementer net gesinn hunn. A well mer och kee Vertrauen an d'Regierung hunn, wat d'Sproocheregelung ubelaangt.

Duerfir wäerte mir, Här President, géint dëst Gesetz stëmmen.

Ech géif och an deem Sënn nach eng Motion deponéieren, Här President, fir datt mer déi Règlements grand-ducaux sollten och hei an d'Chamber an déi zoustänneg Kommissioun kréien.

(Interruption)

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant:

- que le projet de loi 6031 a pour objet une plus large ouverture de la fonction publique luxembourgeoise aux ressortissants des États membres de l'Union européenne;

- que malgré cette plus large ouverture le projet de loi 6031 stipule que «la condition de la nationalité est requise pour les emplois qui comportent une participation, directe ou indirecte, à l'exercice de la puissance pu-

blique et aux fonctions qui ont pour objet la sauvegarde des intérêts généraux de l'État ou des autres personnes morales de droit public.»;

- que suivant le projet de loi 6031 «ces emplois seront déterminés par voie de règlement grand-ducal» pour chaque régime concerné, à savoir les fonctionnaires de l'État, les employés de l'État et les fonctionnaires communaux;

- que les règlements grand-ducaux à prendre en exécution du projet de loi 6031 ne sont pas disponibles lors du vote dudit projet de loi;

invite le Gouvernement

- à soumettre les règlements grand-ducaux prévus dans le projet de loi 6031 pour avis à la Chambre des Députés;

- à soumettre à l'avenir les modifications éventuelles desdits règlements grand-ducaux à la Chambre des Députés.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Fernand Kartheiser.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Da kritt nach d'Wuert den Här André Hoffmann.

(Interruptions et hilarité générale)

Loosst lech net aus der Rou bréngen, Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, wann een d'accord ass, dass eis Ekonomie zu Lëtzebuerg gedroe gëtt vun enger ganz héijer Zuel vu Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit net hunn, da muss een och d'accord sinn, fir deene Leit déi Rechter zougestoen, déi mer deenen zougestinn, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn - op d'mannst zu engem ganz groussen Deel. Duerfir sinn ech och mat deem Gesetz hei selbstverständlech averstanen.

Ech emfannen et awer als e Paradox, op wéi eng Aart a Weis dass mer - ech géif et emol esou ausdrécken - d'Citoyennetéit hei zu Lëtzebuerg, d'Biergerschaft hei zu Lëtzebuerg an zwee splécken. Dat heescht, ech weess net, ob dat juristescht korrekt ass, mä ech fannen et philosophesch net korrekt, dass mer op där enger Säit den Netlëtzebuerger, déi aus der Europäescher Unioun kommen, zwar d'Recht ginn, an d'Exekutiv ze kommen, am wäite Sënn vum Wuert wuelverstanen, net an all d'Secteur vun där Exekutiv, mä an d'Exekutiv am wäite Sënn vum Wuert, an op där anerer Säit se awer aus der Legislativ komplett ausschléissen. Also aus der Legislativ, dat heescht jo dann, souwuel ausschléisse vum aktive wéi och vum passive Wahlrecht um nationale Plang.

Dat schéngt mir eigentlech e Paradox, fir net ze soen eng ongesond Situatioun ze sinn. Ëmsou méi, wann ee kuckt, wien déi Leit hei zu Lëtzebuerg sinn, déi vum Wahlrecht ausgeschloss sinn. Dat sinn eigentlech zu 90% genau déi sozial Kategorien, déi virun 100 Joer fir d'universellt Wahlrecht gestriden hunn an et dunn och duerchgesat hunn. Dat ass déi eng Remarque.

Déi zweet Remarque bezitt sech op d'Sproochkenntnissier. Do wësse mer natierlech alleguerten, dass een déi Sproochkenntnissier, déi Connaissances linguistiques, wéi et am Text heescht, natierlech esou kann definéieren, esou ka festsetzen, dass sech an der Praxis un der aktueller Situatioun iwwerhaapt näischt géif änneren. Well déi Leit, déi mer hei mengen, déi sproochlech Épreuve guer net géife packen.

Ech géif drop halen, dass dat méiglechst transparent gemaach gëtt, dat heescht, dass ee genau gesäit: Wéi gesinn déi Sproochecoursen aus? Wéi gesinn déi Épreuves aus? Well - ouni iergendengem ze no ze trieden -, ech weess awer och, wat fir Épreuves heiansdo am INAP gefrot ginn. An do soen ech lech, do géif d'Majoritéit vun lech derbäi duerchfalen, jee nodeem, ëm wat et géif goen, zum Beispill an der däitscher Rechtschreiwung.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh! Aaahhh!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- An ech souguer och, obwuel ech Däitsch ginn hunn. Dat heescht also, ech mengen, dass een e ganz seriöt A muss halen op déi dote Konditiounen vun de Sproochkenntnissier,

fir an d'Fonction publique ze kommen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci, an elo kritt nach d'Wuert d'delegéiert Ministesch fir d'Fonction publique, d'Madame Octavie Modert.

► **Mme Octavie Modert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn e bedeitend Gesetz, dat Är Chamber haut hei debattéiert an, wéi ech héieren hunn, dann och stëmme wäert, wat mech natierlech freet. De Rapporteur huet et schonn extrem gutt duergeluecht, trotz méi kuerzer Riedezäit, an ech wëll him duerfir Merci soen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn e Stéck Wee gaangen an deene leschte Joren a Saachen Opmaache vun der öffentlecher Funktioun, vun den EG-Vertrag an der europäescher Jurisprudenz un, iwwer eist éischt Gesetz vun 1999 mat sechs prioritäre Beräicher, déi sollten opgoen, an elo ënnert der vireger Regierung an der Fiederféierung vu mengem Virgänger Claude Wiseler, mat leschten Amendementer ënnert dëser Regierung, zu deem Gesetz, wat haut hei zur Ofstëmmung wäert kommen.

Mir sinn dee Wee iwwregens zesumme mat der Gewerkschaft aus dem öffentlechen Déngscht gaangen, a Verhandlungen tëschent dem Här Wiseler an hinnen, souwéi och mam Statsminister. Jo, d'Gewerkschaft ass matgaangen op deem Wee, wéi gesot, a Verhandlungen an am Konsens. Richtig, si wollten duerfir eng speziell Épreuve hunn, „de culture et d'histoire luxembourgeoise“. Mä ganz éierlech, mir hunn hei e grouse Prinzip zesummen ausgehandelt an duerfir amplaz eng Épreuve gesat. Ech mengen, déi brauch eis wierklech dann net ze stéieren.

Haut ass de Wee u sengem Zil ukomm, dat laangt Stéck Wee, dat mer gaange sinn. A mir dréinen elo den aktuelle Prinzip ëm: déi öffentlech Funktioun gëtt opgemaach fir EU-Nationalitéiten, si geet op fir EU-Bierger, dat ass elo den allgemenge Prinzip. Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, e weidert Stéck Unerkennung, e weidert Stéck Integratioun an e weidert Stéck Chancëgläichheet, wuel och e Stéck Logik no der sougenannter duebeler Nationalitéit. Mir brauchen dacks den Know-how vun hinnen, vu Leit, déi mer hei wëllen an d'Fonction publique erakréien, eraloossen, oder Leit, déi keng duebel Nationalitéit oder och Nationalitéit ufroe kënnen. A mir hu speziell Ufuerderungen a Saache Sproochen duerch eis Villsproochegkeet, déi eis schonn esou vill Virdeeler abruecht huet.

Dir Dammen an Dir Hären, et ginn an Europa e ganze Koup Modeller, wéi dës Ouverture vun dem öffentlechen Déngscht, vun den öffentleche Funktiounen ausgefouert ginn ass. Mä jiddwerfalls géllt an all Land eppes: Et sinn all Kéier spezifesch Regeln do fir den öffentlechen Déngscht. An déi Approche vun der Lëtzebuerger Regierung ass ganz déiselwecht wéi an anere Länner, wéi zum Beispill a Portugal, wéi a Frankräich, wéi deelweis och an Däitschland: en allgemengt Opmaachen, an an den Ausféierungstexter d'Detailer vun de Posten. All d'Virwërf sinn also net berechtigt.

Wat déi Posten ugeet: Déi Posten u sech sinn determinéiert gi vun de respektive Ministèren a Verwaltungse selwer, ënnert där leschter Regierung, an och esou virgesinn am Text, mat enger exhaustiver Lëscht vu Posten. Ech hat lech och gesot, ech géif lech ganz gär an der Kommissioun dee Règlement mat de Poste virstellen, mä Dir hutt ofgeschloss a mir sinn net méi dorober agaangen.

Duerfir mengen ech, Här President, datt déi Motioun och net néideg ass, déi hei déposéiert ginn ass, ëmsou méi wou souwiso, mengen ech, d'Chamber net kann en Avis ginn zu engem Text vun engem groussherzogleche Règlement, esou wéi dat an der Motioun hei gefrot ass.

An der Chamberskommissioun sinn och Amendementer gemaach ginn, wouvunner ech besonnesch eent wollt eraussträichen, nämlech, datt mer zesummen an der Kommissioun och d'Fonction communale mat abezunn hunn an den Anzuchs-

beräich vun deem Gesetz, wat, a mengen An, och e gudden an e wichtege Schrëtt ass. Mir hunn och dem Statsrot sengem Avis zum Budgetgesetz Rechnung gedroen, a mir hunn déi Dispositioun gerett, andeem mir se an dëst Gesetz hei erageschriwwen hunn an domadder verhënnert hunn, datt déi betraffen Employéen op den 1. Januar hire Posten eigentlech hätte missen opginn. An duerfir, fir datt dat net de Fall brauch ze sinn, wäert dëst Gesetz och mussen op den 1. Januar 2010 a Kraaft trieden.

Ee Punkt ass sécherlech och nach wichteg an deem Kontext, dat ass dee vun de Sproochen, duerch eis speziell Situatioun, wéi ech scho gesot hunn. Natierlech sinn hei zu Lëtzebuerg, mat där spezieller Sproochesituatioun an eiser Villsproochegkeet, och aner Ufuerderungen am Beräich Sproochekenntnissier, mat eisen dräi administrative Sproochen. Wat mir elo virgesinn hunn, ass esou, datt elo eng Gläichstellung zwëschent alle Kandidaten kënnt, onofhängeg vun hirer Nationalitéit. Jiddwereen ass an darselwechter objektiver Situatioun, wat de Sproochentest ugeet, onofhängeg vu senger Nationalitéit. D'Sproochenufuerderunge wäerten och jee no Carrière ausgericht sinn, an et wäert och net verlaangt ginn, datt een all d'Sproochen d'selwecht gutt meeschtere muss. Kee vun eis, dat ass bei deem Gesetz virdru gesot ginn, ass an deem Punkt esou. An duerfir ass och hei eng ganz grouss Gläichstellung zwëschent alle Kandidaten komm.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz dréit eisem gudden Zesummeliwien hei am Land Rechnung. De Pays réel gëtt nach méi reell. Et ass e positiv Gesetz, eng positiv Moosnam, e gutt Gesetz am Sënn vun nach méi hei am Land openeen duergoen an agoen, ee bedeitende Moment also, an ech soen lech Merci, datt mir dëst Kalennerjoer hei konnte mat deem Gesetz ofschléissen, an datt mir esou gutt Debatten an Zesummenaarbecht an der Chamberskommissioun an an der Chamber hei haten.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Minister Merci, a mir kéimen dann elo zur Ostëmmung iwwert de Projet de loi 6031.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procura-tion. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6031 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen a 4 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement (par M. Raymond Weydert), Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hupert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Marc Spautz), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.



Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dann hu mer hei nach eng Motioun, iwwert déi mer missten ofstëmmen, déi vum Grupp ADR erabruecht ginn ass. Wann ech richteg verstanen hunn, wëllt d'Regierung déi net unhuelen. Wëllt nach een derzou schwätzen? Den Här Adam freet d'Wuert.

Motion 1

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Här President, ech hu selwer a mengem Discours virbruecht, datt mir et och bedauren, datt mer d'Règlements grand-ducaux net hunn. Et ass och eng Fuerderung gewiescht vun der ASTI zum Beispill, a vun enger Rei Gewerkschaften. Inhaltlech ënnerstëtzet mer duerfir déi Motioun, och wa mer wahrscheinlech eppes anescht zu de Règlements grand-ducaux soe wäerte wéi eis Kollege vum ADR.

► **Une voix.**- Très bien!

M. le Président.- Soss keng Wuertmeldung méi? Kënne mer dann iwwert déi Motioun ofstëmmen? Ech huelen un, datt de Vote électronique verlaangt ass?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass verworf mat 47 Nee-Stëmmen géint 12 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Mergen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Scheuer), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

6. Discours de fin d'année de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn elo um Enn vun eiser leschter öffentlecher Sitzung virun der Chrëschtvakanz ukomm. Ech wëll nach kuerz op e puer Evenementer vum Joer 2009 zrëckkommen.

D'Chamber, esou wéi se haut zesummege-sat ass, ass eng aner wéi virun engem Joer. No de Wahlen sinn et eng Partie Gesi-echter sinn an dëst Haus erakomm. Déi nei Deputéierten hu sech gutt ageliéift an ze-summe mat deene Kolleegen, déi dëst Haus scho méi laang a besser kennen, hu

se an deenen éischte Wochen a Méint vun dëser Legislaturperiod schonn eng zolidd Aarbecht geleescht.

Dat ass émsou méi wichteg, well no laan-gem Waarden de Lissabon-Vertrag den 1. Dezember a Kraaft getrueden ass. Domat ass eng nei, wichteg Etapp am europä-esche Prozess fir d'national Parlamenter ugaangen. Den Traité erkennt fir d'éischte Kéier déi wichteg Roll vun den nationale Parlamenter an der europäescher demo-kratescher Aarbecht un. D'Roll vun den nationale Parlamenter gëtt verstärkt. Do-duerch komme weider Aufgaben op d'Par-lament duer, ënner anerem d'Kontroll vum Respekt vum Subsidiaritéits- a Proportiona-litéitsprinzip, mä och d'Missioun, fir d'Ak-tivitéite vun Eurojust ze evaluéieren an déi vun Europol ze kontrolléieren.

Déi Lëtzebuerger Chamber huet also elo méi Kompetenzen, wat den europäeschen Décisiounsprozess betrëfft, mä domadder och nei Aufgaben, déi op d'Deputéierten, mä awer och op d'Mataarbechter vun dë-sem Haus zoukommen. Vill Viraarbecht ass dann och scho vun de Servicer vun der Chamber an och vun der zoustänneger aussen- an europapolitescher Kommissioun geleescht ginn, fir dat Haus fit ze maache fir d'Akraafttriede vum Lissabon-ner Vertrag. An deenen nächste Woche wäert dann och eist Reglement missen ëmgeännert ginn, fir deenen neie Realitéite Rechnung ze droen.

An de leschte Wochen huet sech awer och gewisen, datt all eenzelnen Deputéierte sech senger europapolitescher Verantwor-tung voll bewosst ass, an déi öffentlech Debatt iwwert de Programm vu Stockholm ass eigentlech e gutt Beispill heifir gewiescht. De Vertrag vu Lissabon steet also elo säit dem 1. Dezember. Et ass un eis alleguer, e mat Liewen ze erfëllen.

E weidert wichtegt Evenement vun de leschte Méint war d'Porte ouverte. Net nëmmen d'Chamber, mä och de Statsrot, d'Cour des Comptes an de Médiateur hate sech un deem éischten Dag vun den Insti-tutione bedeelegt. Et war e grousser Suc-cès, an ech mengen, de Bléck hannert d'Kulissen huet de Leit och engersäits gewisen, datt d'Chamber keng Dunkel-kammer ass, an anerersäits, datt de Gros vun der parlamentarescher Aarbecht sech nieft den öffentleche Sitzungen haaptsäch-lech an de Kommissiounen ofspillt.

Ech wëll op dëser Plaz kee Gesetz vum Joer 2009 besonnesch ervirhiewen oder zrëck-behalen. Jiddwer Gesetz, wat mir ge-stëmmt hunn, war wichteg an noutwen-deg. Ech kéint lech op dëser Plaz vill Zuele vum Joer 2009 nennen, zum Beispill, datt mir 48 öffentlech Sitzungen haten. Dat sinn der vläicht manner wéi verschidden aner Joren, vu datt d'Chamber weinst de Wahlen fréizäiteg opgeléist gouf. Déi öffent-lech Sitzunge goufen an iwwer 600 Kom-missiuonssitzunge preparéiert. Et goufen am ganze Joer 2009 ronn 120 Gesetzes-projete gestëmmt. Mir hate véier Aktuali-téitsstonnen, siwen Orientéierungsdebaten, zéng aner Debatten, fënnf Interpella-tiounen, ronn 600 parlamentaresch Ufroen an 20 Question-urgentes.

Ech kéint nach weider Zuelen nennen, mä et kënnt am Fong net op d'Zuelen un, och geet et net dorëm, Rekorder opstellen an eis alleguerte selwer op d'Schëller ze klappen. De positiven oder negative Bilan gëtt net an Zuele gemaach, mä a konkrete Resultater. An do sinn an den éischte Wo-che vun der Legislatur scho wichteg Ak-zenter och an dësem Haus gesat ginn.

Awer och, wat d'Transparenz vun de Kom-missiuonssitzungen ugeet, si mir e wich-tege Schrëtt weiderkomm, well mir eis an der Presidentekonferenz dorop konnten eenegen, datt an Zukunft d'Rapportéit vun deene Sitzunge vun de Kommissiounen der Öffentlechkeet wäerten zougänglech gemaach ginn. Ech wëll haut net am De-tail op d'Eenzelheete vun dëser Moosnam agoen, mä wäert dat maache bei Geleeën-heet vun der Neiwerschdagsréceptioun um Ufank vum nächste Joer.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer da ganz um Enn nach e puer Wieder iwwert déi zwou grouss Erausforderungen, déi net nëmmen eis, mä déi ganz Welt mo-mentan beschäftegen, nämlech d'Wirts-chafts- a Finanzkris an de Klimawandel.

Wat den éischte Punkt betrëfft, ass hei-riwwer munches an de Budgetsdebatte

gesot ginn. 2010 gëtt en eminent wich-tegt Joer fir eist Land, an do wäert d'Chamber och an éischter Linn gefuer-dert sinn.

Den Dialog mat de Sozialpartner soll an der Tripartite erëm opgeholl ginn. An och dat ass e wichteg Schrëtt. Als President vun dësem Haus wëll ech awer ënnersträi-chen, datt et wichteg ass, datt d'Parlament esou fréi an esou enk wéi méiglech an dë-sen Dialog mat agebonne gëtt.

Am Moment tagen d'Émweltministeren a muer d'Statschefen zu Kopenhagen, fir Moosnamen ze decidéieren, déi eng mas-siv Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen an deenen nächste Jore weltwäit solle fest-leeën. Och hei si mir alleguerte gefuerdert, dës Moosnamen och am Land hei schnellstméiglech ëmzesetzen, fir datt mir och eise Bäitrag zu dëser weltwäiter CO₂-Reduktioun kënne leeschten.

Och wa bis haut nach keng definitiv Eene-gung zu Kopenhagen erreecht ginn ass, brauch ech am Numm vun lech alleguer-ten net op d'Wichtigkeet vun esou enger Eenegung ze insistéieren, déi d'Zukunft vun eisem Planéit och fir déi zukünfteg Ge-nerationen ofséchert.

Mir liewen an enger Zäit vu groussen Erausforderungen, déi vun eis alleguerten och en exceptionellen Asaz ofverlaangen. A bei all deem dierfe mir ganz besonnesch net d'Schicksal vun deene Mannerbe-mëttelten an eiser Gesellschaft, souwuel hei am Land wéi ausserhalb vun eise Gren-zen, aus den Ae verléieren, an dat virun al-lem a wirtschaftlech méi rauen Zäiten. An duerfir sollen eis Gedanke besonnesch virun de Feierdeeg ganz besonnesch op all déi Leit geriicht sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegin-nen a Kolleegen, ech wënschen lech elo scho vun dëser Plaz aus schéi Feierdeeg an e glécklecht neit Joer, eng gutt Gesond-heet a vill freedeg Momenter. Ech freeë mech, lech all gesond a monter Ufank Ja-nuar erëmzegesinn, wann d'Chambers-kommissiounen erëm zesummekommen.

Meng beschte Wënsch ginn natierlech och un d'Membere vun der Regierung a vun deenen aneren Institutionen, un d'Mat-aarbechter vum Greffe a vun de Fraktioun-en, un déi parlamentaresch Press an och un d'Sécherheetspersonal vun der Cham-ber. An och de Bierger vun dësem Land, déi douewen op der Visiteurtribün setzen oder eis...

(Hilarité)

...iwwer Chamber TV nokucken an no-lauschteren, wënschen ech frou Feierdeeg an all Guddes fir dat neit Joer.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Den Här Jean-Louis Schiltz huet d'Wuert.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här Pre-sident, ech hunn den agréabele Plëséier, well d'Presidentekonferenz mer déi Mis-sioun uvertraut huet, am Numm vun eis alleguer hei ze répliquéieren. Ech répli-quéieren am Numm vun eis alleguer, am Numm vun deene Mauven, awer och am Numm vun all deenen aneren. An ech maachen dat émsou méi gär, Här Presi-dent, well ech haut de Moie festgestallt hunn, datt Der och där mauver Fraktioun entre-temps bäigetruede sidd,...

(Hilarité)

...déi an alle Fraktiounen a Gruppéierun-gen hei vertrueden ass, an ech sinn iwwer-zeegt, deen Dag, wou den Här Hoffmann géif eng Krawatt undoen, wär et och eng mauve.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Awer bestëmmt!

(Hilarité générale)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Merci, Här Hoffmann.

Ech wollt lech, Här President, och all Gud-des wënsche fir dat neit Joer, an Ären ex-zellente Generalsekretär, seng Adjointen an all d'Membere vum Greffe an d'Perso-nal vun der Chamber an déi Wënsch aschléissen.

Ech wollt Merci soe fir déi exzellent Aar-becht, déi an deene leschte Méint hei ge-leescht ginn ass. Merci och fir déi exzellent Aart a Manéier, mat där Der hei dat Schëff dirigéiert hutt. Ech sinn iwwerzeegt, datt Äre Saz, deen heescht: „Loosst lech net aus der Rou bréngen“, wäert an deenen nächste Joren an d'Geschicht vun dëser

Chamber agoen. En dréit op jidde Fall zur Serenitéit vun den Débats bäi.

Dir hutt et gesot: Mir hunn d'Aarbechts-method liicht geännert an de Kommissioun-en. Mir wäerten dat elo maache virum Hannergrond vun deenen Diskussiounen, déi mer haten, wat d'Procès-verbalen, d'Publicitéiten an och an exceptionnelle Fäll d'Iwwerdroung vun de Kommissiouns-sitzungen an Hearingen ubelaangt. Well Der selwer annoncéiert hutt, datt Der géift d'Detailer am Januar soen, wëll ech deemno net hei virgräifen. Mir waarden dann, fir déi, déi se nach net kennen, op déi Detailer, déi Der eis wäert am Januar matdeelen.

Dir hutt och déi verschidden Erausfuerde-runge vum neie Joer, mengen ech, richteg duergeluecht, andeem Der d'Thema vum Klimaschutz an de Mëttelpunkt vun Äre méi politeschen Ausféierunge gesat hutt, andeem Der och d'Kris nach eng Kéier er-nimmt hutt.

Wann ee seet, datt 2010 e schwieregt Joer wäert ginn, mengen ech, da seet een do näischt Neies. Ech géif vu menger Säit aus wënschen, datt mer mat all deenen Diffe-renzen, déi eis charakteriséieren, zilführend Diskussiounen an deem Kader an an deen-aneren Dossiere wäerten hei hunn.

Dat gesot, Här President, wollt ech lech nach eng Kéier ofschléissend alles Gutts wënschen, an och vu menger Säit aus, Här President, an am Numm vun eis alleguer lech soen: Här President, loosst lech net aus der Rou bréngen!

Merci.

(Hilarité générale)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Schiltz. Ech wäert versichen, dat net ze maachen. Elo kritt nach d'Madame Minis-tesch fir d'öffentlech Fonctioun, och d'Kul-turministesch, d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture, Ministre aux Relations avec le Parle-ment, Ministre à la Simplification adminis-trative auprès du Premier Ministre, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Ré-forme administrative.**- A Ministesch fir d'Re-latioune mam Parlament!

Merci, Här President.

(Hilarité et interruption)

Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo grad e Gesetz hei ge-stëmmt, wat dem gudden Zesumme-liewen an dësem Land Rechnung dréit. An dat wëll ech als zoustänneg Ministesch fir d'Relatiounen mam Parlament och hei ervir-hiewen, dat gutt Zesummeliewen an dat gutt Zesummeschaffen, dat d'Chamber an d'Regierung zesummen an dësem Haus ëmmer hunn, ëmmer a fairen Diskussioun kënne virgoen, an, ech mengen, dat si mir eisem Land och schëlleg, eise Bierger schëlleg.

Mir stinn am Déngscht vum Land, vun all sengen Awunner, an duerfir ass et wich-teg, datt mir gutt zesummeschaffen, an al-ler Serenitéit.

Ech soen all deene Merci, déi natierlech och iwwert de Krees vun Deputéierten a Ministeren eraus derzou bäigedroen hunn, besonnesch dem Personal vun der Cham-ber hei, op dat mer eis ëmmer verlooosse kënnen, an ech wäert probéieren, och an Zukunft weiderhin alles ze maachen, datt eis Relatiounen gutt sinn a gutt zesumme kënnen goen.

An deem Sënn, Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, wëll ech lech alleguerte schéin a gerousam Chrëschtdeeg wën-schen an e gudden Rutch an dat nächst Joer. Ech sinn iwwerzeegt, datt et e Joer wäert voller Ereegnisser a mat ganz villen Erausforderunge ginn. Dorobber kënne mer eis ganz sécher gefaasst maachen. An och dat wäerte mer eis an aller Serenitéit, zesummen, am Déngscht vun eisem Land, virhuelen.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen der Minis-tesch fir d'Kultur, d'Fonction publique a fir d'Relatiounen mam Parlament e ganz grouss Merci.

Domadder ass d'Sitzung opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.53 heures)